N° 271
Entrée le 13.10.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/10/2025

**Här President,**

**Am Kader vun der Froestonn vum 14ten Oktober 2025 wéilt ech dem Minister fir Bildung, Kanner a Jugend dës Fro stellen.**

Den Dateschutz ass a bleift ee wichtegt Feld, fir d'Privatsphär an och d'Sécherheet vun de Leit ze garantéieren. Deen éischte Prinzipp, fir Datenklau ze verhënneren, ass dee vun der Datespuersamkeet. Dëst sollt schonn an de Schoulen ufänken, andeems ee Schüler, mee och Elteren an d'Léierpersonal sensibiliséiert, dass si net fir alles Daten mussen erhiewen.

(Mam Ausbau vun der kënschtlecher Intelligenz gëtt den Dateschutz och ëmmer méi wichteg, wat och vun der CNPD rezent an hirem Rapport vun 2024 ënnerstrach gouf. Déi vill rezent kriminell Phishing-Attacken, wéi zum Beispill bei der BIL, weisen, wéi wäertvoll Daten fir kriminell Aktivitéiten kënne sinn).

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

- Wéi eng Donnéeën mussen d'Elteren vum Léierpersonal hunn a wéi ass d'Personal hei geschützt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés